

Dossier suivéiert vum
Schäfferot ☎ 359 711-207
✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler
Madamm Simone Massard-Stitz
Här Romain Dumong
Här Jean Lemmer

Sandweiler, de 27. Mee 2025

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 10. Abrëll 2025
Eis/Ref. : CSV - 2025.04.10 - CE Är/Ref. : Courrier vum 7. Abrëll 2025

Madamm Massard-Stitz,
Här Dumong,
Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 10. Abrëll 2025 hat.

Fro 1 (aus de Sëtzung vum 11. Februar 2025):

“(Eng Kopie vum Bréif un CSV Conseilleren huet de Schäfferot den 11.02.2025 kritt)

Am Bezuch op e Bréif un CSV Conseilleren, datéiert 03.02.25, vum Innenminister Léon GLODEN betreffend dem Finanzexpert froe mir lech ob de Schäfferot mam Expert e Confidentialitéitsaccord ofgeschloss sou wéi vum Minister geroden? Wann jo, kennt Dir ons an dem Persona! dee w.e.g. zoukomme loossen? Wann net, plangt de Schäfferot sou en Accord sou séier wéi méiglech ze ënnerschreiwen?

Laut deem Bréif huet de Minister de Schäfferot gefrot fir him eng Oplëschung vun de Missiounen zoukommen ze loossen, déi de Finanzexpert fir d'Gemeng Sandweiler ausgefouert huet, respektiv ausféiert oder ausféiere wäert. Kënnt Dir ons déi Missiounen, sou wéi se och dem Minister geschéckt goufen, am Detail opzielen?”

Äntwert:

De Schäfferot deelt lech mat, dass den Dossier zou ass.

Wann nei Elementer géife kommen, deelt de Schäfferot lech dat mat.

De Schäfferot huet dem Minister geäntwert an dat war esou an der Rei.

Fro 2 (aus der Sätzung vum 6. November 2024):

“Kennt Dir ons w.e.g. Informatiounen iwwer d'Auslaaschtung vun den 3 Chargy Statiounen op den öffentleche Parkinge vun der Gemeng liwweren?”

- *Wéi sinn déi eenzel Statiounen iwwer 1 rezente Mount vum Joer 2024 (hors Sommervakanz, also am beschte Juni oder Oktober} ausgelaascht?*
- *Wéi ass dobäi d'Auslaaschtung am Dag (8h-20h) an an der Nuecht (20h-8h)?”*

Äntwert:

CHARGY :

Centre culturel :

- 1 vun 2 Luedepunkten ass ëmmer besat;
daagsiwwer an Nuets (meeschtens nuets)
- Moyenne pro Dag 8 Stonnen um Stéck

Parking Football :

- 1 vun 2 Luedepunkten ass ëmmer besat
just daagsiwwer
- Moyenne pro Dag 2 Stonnen um Stéck

Rue d'Itzig:

- 1 vun 2 Luedepunkten ass ëmmer besat
Prioritär daagsiwwer
- Moyenne pro Dag 2 Stonnen um Stéck

Fro 3:

- *Wéi vill Leit sinn an de Biergerstonne vum Mäerz an Abrëll virstelleg ginn?*
- *Wat waren hier Uleies?*

Äntwert:

Et si keng Leit an d'Biergerstonn am Mäerz an am Abrëll komm.

De Schäfferot hält un, dass dat en Zeechen ass dat d'Bieger zefridde sinn.

Fro 4:

“D'CSV Sandweiler freet sech dass et nom Enn vum Pedibus fir d'Rentrée 2023, ab dem 22. Abrëll 2025 erëm en neie Pedibus Service wäert ginn, wann och mat ofgespecktem Horaire am Verglach zu de fréieren Zäiten Beim Bléck op de Plang vun den Tier stelle mir ons awer eenzel Froen:

- *Vu de Chantier an der rue d'Itzig, deen an dëse Wochen ënner Anerem am Beräich vun der rue de la Gare ass, wär et net, fir d'Sécherheet vun de Kanner an dem Persona!, méi sënnvoll wann temporär, bis zum Enn vum Chantier an deem Beräich, de Pedibus 3 géing duerch d'rue du pain goen?*
- *Laut Plang geet de Pedibus 3 tëscht de Punkte 4 a 5 duerch den ënneschten Deel vun der rue du Cimetière. An deem Beräich ass déi Strooss ganz eng am 8h Moies vill Verkéier. Wär et net besser déi Ligne géif laanscht d'Pizzeria erop goen?”*

Äntwert:

Den aktuelle Schäfferot ass houfreg, dat hien eng Léisung am Intérêt vun de Schoulkanner fonnt huet nodeems de Pedibus vun der virechte Schäfferot respektiv Majoritéit ofgeschaaft ginn ass.

De Schäfferot wäert d'Organisatioun vum Pedibus deene Leit iwwerloossen, déi doranner Erfahrung hunn - an déi waerte sech der Situatioun "le Moment venu" upassen.

Zousätzlech gëtt dat an enker Zesummenaarbecht mat eisem Agent municipal ofgeschwat.

Fro 5:

"An der Gemengerotssitzung vum 30. Januar 2025 hu Conseillere aus der Majoritéit Propositionen vun der CSV ofgeleent fir den Trottoir vum neie Parking vun der d'Iltzigerstrooss ofzesécheren. E puer Deeg drop huet sech de Schäfferot, zu eiser Zefriddenheet, awer mat dëser Problematik ofginn, an sech dëser ugehol. Kuerzfristeg si temporär Plastikbaken opgestallt ginn, well des awer ze licht sinn, gi se reegelméisseg beim Parke vun den Autoen a Camionnetten op den Trottoir geréckelt. Gott säin Dank ass bis haut weder e Kand nach e Foussgänger blesséiert ginn.

- *Wéi plangt de Schäfferot kuerzfristeg des Gefor ze entschärfen?*
- *Wéini gi Plastikbaken duerch eng definitiv Léisung ersat?"*

Äntwert:

De Schäfferot deelt lech mat, dass de Projet esou ëmgesat gëtt wéi geplangt.

De Réckbau ass voll am Gaangen an d'Sécherheet vun de grouss/kleene Bierger gëtt all Dag un déi nei Situatioun ugepasst.

Dat huet guer näischt mat ärer Interventioun ze dongen.

De Schäfferot mécht alles fir de Chantier provisoersch ofzesécheren bis déi definitiv Installatioun (Gelänner, Blummekiwelen, ...) kann installéiert ginn, iwwregens ass alles scho bestallt.

Fro 6:

"Nodeem de Schäfferot am Aktuell vum Oktober 2024 de Bierger matgedeelt huet, dat en Agent Municipal agestellt ginn ass, dat awer fir éischt an enger Testphase, wou Leit net protokolliéiert gi, mee nëmmen op hiert Feelverhalten opmierksam gemaacht ginn, stelle mir haut follgend Froen:

- *Ass des Testphase schonn eriwuer?*
- *Wa jo, vu wéini un, wéi vill Protokoller si geschriwwen ginn, vir wat an op wat verengte Plazen?*
- *Am Aktuell huet dir Bierger opgeruff a Feedback ze gi fir en neit Policereglement opzestellen. Wéi vill Réckmeldungen huet der bis haut kritt?*
- *Em wat fir eng Virschléi huet et sech gehandelt?*
- *Wat fir eng Virschléi sinn zréckbehale ginn?*
- *Wéini gëtt dat neit Policereglement dem Gemengerot presentéiert?"*

Äntwert:

Mat der Testphas huet d'Gemeng am November 2024 ugefaangen an huet bis de Februar 2025 ugedauert. Während dëser Zäit sinn awer scho verschidde vereenzelt gréisser Infraktiounen protokolliéiert ginn (6 am November 2024, 1 am Dezember 2024, 3 am Januar 2025, 8 am Februar 2025).

Vu Mäerz 2025 un, ass sinn aktiv "Avertissements taxés" geschriwwe ginn (76) am Abrëll 2025 bis den 10. (12).

De Stroossen : no Haaptstrooss (52), Hiehl (13), Rolach (12), Itzegerstrooss (10), Tréiererstrooss (4), Birelerpad (2), rue Jean-Baptiste Weicker (1), rue Nic. Welter (1).

De Schäfferot huet e puer Doleance matgedeelt kritt :

- iwwer Autoen, déi um Trottoir parken an der rue d'Oetrange, an um Birelerpad;
- iwwer eng Persoun, déi mat hiren Autoen an der rue Batty Weber Parkplaze besetzt!

Op Är Fro zum Police-Reglement informéiere mir Iech, dass mir am Gaange sinn e Reglement zesumme mat eise Nopesch-Gemengen auszeschaffen

Fro 7:

"Am Kader vum Budget hate mir dem Schäfferot Fro gestallt, wou de Projet vum neie Recyclingzenter vu Mënsbech drun ass. Madamm Buergermeeschtesch huet gesot, dat si dat géif nofroen, an eis déi Informatiounen noliwwere géif, dëst ass bis haut net de Fall ass.

- *Kënnt dir eis haut des Informatiounen ginn?"*

Äntwert:

De Projet gëtt nach eng Kéier iwwerschaaft vum Daniel Paccioti.

Et ass kloer wann esou vill Gemenge betraff sinn, dass e Konsenz muss fonnt ginn.

De Schäfferot,



Claude Mousel,
Schäffen



Jacqueline Breuer,
Buergermeeschtesch



Corine Courtois,
Schäffin